

De Schäffen- a Gemengerot invitéiert all Matbierger vun der Gemeng Helperknapp fir un de Feierlechkeete vum Nationale Commemoratiounsdag deelzehuelen

**Samschdeg, den 09. Oktober 2021
um 19:30
zu Béiwen an der Kierch**

Um Nationale Commemoratiounsdag denke mer un déi schrecklech Joren déi d' Lëtzebuerger Vollek ënnert anerem vun 1940 bis 1945 erlieft huet.

Mer gedenken all deene Leit, déi an deene schwéieren Zäiten een Zeeche gesat hunn, fir dass mir haut do si wou mer sinn. Datt mer an Egestännegkeet liewen dierfen, gläichzäiteg vun engem onofhängegen Zesummeliewe profitéieren dierfen.

Loosst eis net vergiessen, wat si deemools op sech geholl hunn a wéi vill vun hinnen hiert Liewe gelooss hunn, fir erëm Fridden, Gerechtegkeet a Fräiheet ze hunn! D' Befreiung ass ee wichtegt Zeeche vum Nationalem Zesummenhalt an dofir wiere mir frou, wa vill Leit un dëser Zeremonie deelhuele géifen.

Mellt Iech wannechgelift fir d'Mass un: per Email aischdall-helpert@cathol.lu oder per Telefon um 83 50 03 495.

No der Mass leeë mer zesummen eng Coupe bei de Monument aux morts vu Béiwen néier.